

Diddeléng, den 1. Juli 2017

DEN LÉOPOLD BIAN



Zou Dommeldeng an der aaler Gemeng Eech direkt bei der Stad Lëtzebuerg gouf den Léopold Antoine Maurice BIAN den 17. November 1900 als eelsten vun zwee Bridder gebuer. Hien war den Jong vum Emile BIAN, deen vun 1873 bis 1918 gelieft huet an deen deemools Direkter vum ARBED-Wierk zou Dummeldeng wor an spéiderhin deen éischten President vun der FNEL sollt ginn. Den Grousspapp vum Léopold, den François Joseph Léopold BIAN, deen vun 1832 bis 1899 gelieft huet, wor sengersäits schonn en bekannten Politiker an Notaire an eisem Land.

Den Léopold koum an der Zäit vum 1ten Weltkrich an der Stad bei déi deemoleg "Eclaireurs de Luxembourg", déi virdrun d' "Eclaireurs de l'Athenée" woren. Hien huet seng éischt Scoutsjoeren bei dësem Groupe, deen sech dunn an "Les Diables Mauves" ëmgenannt huet, verbruecht. Bei d'Peaux-Rouges koum hien well esou mengen mir et eisen Member, den Eugène LEGENDRE, hien bei d'Diables Mauves sichen gaangen ass well d'Peaux-Rouges en neien Gruppechef gebraucht hunn. Den deemolegen Gruppechef vun den Diables Mauves, den Léon genannt "Loull" COLLART, huet esouguer dofir missen säin Accord ginn. Doropshin sollt den Léopold an den Joeren vun 1922 bis 1927 Gruppechef vun den "Peaux-Rouges" ginn an nach vun 1927 bis 1928 ee Joer esouguer President vum Comité.

Hien huet dunn Lëtzebuerg ganz verlooss an gouf vum 15. Mäerz 1928 un "Gerente administrativo" vun Belgo Mineiras zou Belo Horizonte an Brasilien, dëst wor eng Firma déi der ARBED gehéiert huet. Bestuet gouf hien an Brasilien 1941 mat der Brasilianerin Auxiliadora MURTA a gouf 1946 Papp vun engem Jong, dem Emile Léopold. Den 15. Mee 1975 krut hien an Brasilien déi héchsten Auszeechnung vun der FNEL, den "Sanglier d'Argent" fir seng Verdéngschter am Sënn vum Scoutissem vum Raymond "Töff" THEVENIN iwwerrecht. Hien ass 1985 an Brasilien vun eis gaangen.

